


## MIR SICHEN DECH!

**Fir Volontairen tëscht 18 an 30 Joer.**

Jonker ginn Deel vun eiser Ekipp a kënnen un allen Aktivitéite vum Äerdschëff deelhuelen, sech abrénge bei de Finitioune vum Bau, am Gaart, am Bëschgaart, bei der Maintenance an Entwécklung vun eise Low Tech Systemer, a bei eise pedagogeschen Aktivitéiten.

## WORKSHOPS FIR GRUPPEN

**Wëssenschaftlech a praktesch Workshops fir Jonker ab 15 Joer.**

Et geet drëm Jonke praktesch gelieften Nohaltegkeet méi no ze brengen a Léisungenweër aus den aktuelle Krisen eraus ze zeechnen. Fokus: Ressourcen, Materialien, Wirtschaft, Low Tech, zirkulären Design, etc.

Eis Workshops kënnen iwwer d'ganzt Joer gebucht ginn!

## LOW TECH FESTIVAL + CONCOURS

**Den 1. Low Tech Festival zu Lëtzebuerg!**

**SAVE THE DATE Do 20.04.2023**

Den Héichpunkt an Ofschloss vun engem Concours, an deem Schüler zesumme mat hiren Enseignanten oder Educateuren innovativ Low Tech Léisunge fir aktuell gesellschaftlech Erausfuerderungen entwéckelen a bauen.

Am Äerdschëff definéiere mir Low Tech als Objet'en, Systemer, Techniken, Servicer, Knowhow, Praxis, Liewensstiler a Philosophien, déi 3 Eegenschaften hunn: nëtzlech, accessibel an nohalteg sinn.

Um Low Tech Festival zu Réiden/Atert beim Äerdschëff stelle mir dës Léisunge vir, a mir weise gläichzäiteg déi intressantste LowTech Léisungen an Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft a Privatwirtschaft aus der ganzer Welt duerch Ausstellungen a Konferenzen.

## ÄERDSCHËFF CROISIÈRE

**Croisière eemol anescht! Äerdschëff fir Einsteiger!**

Eis «Croisière», eng interaktiv Visite guidée vum Äerdschëff fënnt zu Réiden/Atert statt. Mir schwätzen iwwer d'Prinzippie vum Äerdschëff, säin Energie, Waasser, an Ofwaassersystem, d'Baumaterialien an den Design vum Gebai, a beäntwerten all Är Froen.

## ÄERDSCHËFF SERIES

**Eng Rei Formatiounen fir Enseignanten an Educateuren.**

Léiert iwwer Nohaltegkeet a Materialien, Low Tech, Waasser, Energie, Kreeslafwirtschaft, a loosst Iech inspiréiere fir praktesch a flott Projete mat de Schüler kënnen ëmzesetzen.

Detailer ënner ifen.lu

## PARTENARIAT

**Wëll Är Schoul Partner vum Äerdschëff ginn?**

Positiv Verännerung a punkto Nohaltegkeet matdroen? Kontaktéiert eis fir doriwwer ze schwätzen!

## ÄERDSCHËFF ONLINE

**Falls Dir keng Méiglichkeet hutt bei d'Äerdschëff ze kommen.**

Mir entwéckelen eng Web-Plattform mat Materialien an Artikelen fir Är Schüler!

## KONTAKT


aerdscheff@cell.lu www.aerdscheff.lu

telefon +352 691 643 124 +352 621 655 601



**aerdscheff.lu**

aerdscheff@cell.lu

CENTRE for ECOLOGICAL LEARNING LUXEMBOURG the transition hub

äerdschëff

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Fonds National de la Recherche Luxembourg

Supported by

LEADER

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ŒUVRE Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte

andré losch FONDATION

Erasmus+

In partnership with

ATERT-LYCÉE REDANGE

ifen INSTITUT DE FORMATION DE L'ÉDUCATION NATIONALE

LOW-TECH LAB

snj Service national de la jeunesse